Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Energie & Mobilitéit weiderzeleeden.

Den 23. Februar 2005 huet d'Fraktioun vun *Déi Gréng* eng Motioun zum Thema Tanktourismus an der Chamber deposéiert. An dëser Motioun huet d'Chamber d'Regierung opgefuerdert eng Etüd iwwert den Tanktourismus ze realiséieren an, op Base vun dëser, eng Strategie auszeschaffen fir de Konsum vun Treibstoffer ze reduzéieren. Dës Motioun gouf ee Joerzéngt spéider schlussendlech realiséiert an d'Studie ass 2016 virgestallt ginn. Op Base vun den Analysen huet d'Regierung verschidde Mesuren zréckbehalen, mat deenen se den Treibstoffverkaaf zu Lëtzebuerg reduzéiere wëll.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Eng vun de Mesurë gesäit d'Aféiere vun engem Monitoring iwwert d'Evolutioun vum Treibstoffverkaf vir.
  - Opgeschlësselt pro Joer, wéi vill Treibstoff ass an de Joren 2013 bis 2018 verkaf ginn?
  - Weist d'Tendenz eng Erhéijung oder eng Reduzéierung vum Treibstoffverkaf zu Lëtzebuerg un? Wéi ass dës ze erklären?

- An e puer europäesche Länner ass beschloss ginn, dass ab engem gewësse Joer nëmmen nach abgasfräi Neiween däerfe verkaf ginn. A Norwegen sollt dës schonn ab 2025 de Fall sinn, a Frankräich ab 2030. Wäert d'Regierung legiferéieren fir ab 2030 keng Neiween mat Verbrennungsmotor méi zouzeloossen?
  - Falls nee, ass een anert Joer fir d'Verbuet eng Optioun?
    - Falls nee, wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung géigeniwwer engem Verbuet vum Verkaf vu Neiween mat Verbrennungsmotor?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député